

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„Déi fréier Gesondheitsministesch hat eis 2023 matgedeelt, datt dru geduecht gëtt, fir d'Kapazitéite vum Centre national PET (CN PET) z'erweideren, dëst fir verlängert Waardezäiten ze vermeiden. Et war hirer Opfaassung no wichteg, fir d'Offer u Plagen duerch een zweeten Apparat ze verstärken. Eng zukünfteg Upassung vun der Annexe vum Spidolsgesetz géif och d'Uschafung vun engem zousätzleche PET-CT virgesinn, sou déi fréier Ministesch. Fir d'Leit aus dem Norde wier et awer vu Virdeel, wann och op Ettelbréck ee PET-CT kéint kommen. Dës mussen nämlech dacks wäit Weeër op sech huelen, verbonne mat engem groussen Zäitopwand. Op Ettelbréck kéinten och Patienten aus dem Zentrum an aus dem Weste vum Land kommen – net ze vergiessen och Biergerinnen a Bierger aus dem Kanton Iechternach.


An deem Kontext wollte mir der Madamm Gesondheitsministesch folgend Froe stellen:

- 1. Wou sinn d'Virbereedungsarbechte fir d'Uschafung vun engem weidere PET-CT momentan drun?*
- 2. Ass d'Madamm Ministesch gewëllt fir Gespréicher mat der Direktioun vum ChdN opzehuelen, fir datt sou eng Offer och am Norde vum Land verfügbar wier?*
- 3. Wéi huet sech d'Zuel vun de Behandlungen an deem Beräich zanter 2014 entwéckelt?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert